

Statute vun der Actioun Lëtzebuergesch

(Vereenegung ouni Gewënnzweck)

Kapitel I – Numm, Sätz, **Dauer** an Zweck

Art. 1: Den Numm vun der Vereenegung ass: Actioun Lëtzebuergesch.

Art. 2: De Sätz ass zu **Lëtzebuerg-Izeg, op Nummer 20, Conter Strooss**.
D'Dauer ass net begrenzt.

Art. 3: Den Zweck vun der Vereenegung ass fir alles anzetrieden, wat lëtzebuergesch ass, apaart fir eis Sprooch. ~~D'Vereenegung gëtt eng Zäitschrëft eraus mam Numm: EIS SPROOCH.~~

Art. 4: D'Vereenegung ass politesch a reliéis neutral.

Kapitel II – Memberen

Art. 5: Jidderee ka Member ginn, wann hien den Zweck vun der Vereenegung respektéiert a seng Cotisatioun bezilt. – De Comité kann der Generalversammlung Leit, déi Verdéngschter un der Actioun Lëtzebuergesch hunn, als Éieremember virschloen.

Art. 6: D'Zuel vun de Memberen däerf net manner ewéi dräi sinn, no uewe besteet keng Grenz.

Art. 7: Et ass een net méi Member, wann ee seng Demissioun gëtt oder d'Cotisatioun net méi bezilt. D'Generalversammlung kann e Member ausschléissen, wann hien der Vereenegung schued oder géint hiren Zweck schafft.

Kapitel III – Verwaltung

Art. 8: D'Vereenegung gëtt vun der Generalversammlung a vum Comité geleet.

Art. 9: D'Generalversammlung huet all Rechter, déi hir duerch d'Gesetz zoustinn. Si ass eemol d'Joer. All Member gëtt dofir wéinstens 8 Deeg virdu schrëftlech geruff. ~~De Rapport dervun an d'Resolutiounen kommen an d'Zäitschrëft « Eis Sprooch ».~~

Art. 10: ~~De Comité gëtt~~ D'Membere vum Comité gi vun der Generalversammlung fir dräi Joer gewielt. Et kënnen dräi bis zwielef Leit

~~dra~~ am Comité sinn. Een Drëttel gëtt all Joer nei gewielt.

D'Comitésmemberen, déi austrieden, kënnen ouni nei Kandidatur erëm gewielt ginn. D'Kandidature fir de Comité musse wéinstens dräi Deeg virun der Generalversammlung schrëftlech ageschéckt sinn. De Comité verdeelt déi eenzel Plazen ënner sech.

Art. 11: De Comité huet all Rechter, déi net vum Gesetz extra fir d'Generalversammlung virgesi sinn. De Comité kënn wéinstens véier mol am Joer zesummen.

Art. 12: All Joer leet de Comité der Generalversammlung e Rapport iwwer d'Aktivitéit, d'Konte vum leschte Joer an de Budget fir d'Joer drop vir. D'Konte gi vu wéinstens 2 Leit kontrolléiert, déi vun der Generalversammlung fir ee Joer gewielt ginn.

Art. 13: De Comité kann eenzel Mataarbechter erunzéien a Kommissiounen nennen, fir bestëmmt Aarbechten ze maachen. Dës Leit oder Kommissiounen schaffen ënnert der Responsabilitéit vum Comité an no engem Reglement. De Comité nennt an entléisst si.

Kapitel IV – Aner Bestëmmungen

Art. 14: D'Cotisatioun vum Joer ass héchstens ~~1000 Franc~~ 100,00 €. Si gëtt vu Joer zu Joer vun der Generalversammlung festgesat.

Art. 15: Wann d'Vereenegung opgeléist gëtt, bestëmmt d'Generalversammlung, wat mat de Fonge geschitt, déi awer fir d'éischt fir eng gläichgesënnt Vereenegung reservéiert ginn.

Art. 16: Fir alles, wat net an dese Statute virgesinn ass, gëllt **dat modifizéiert** Gesetz **iwwer d'Vereenegungen ouni Gewënnzweck** vum 21.4.1928.

~~Lëtzebuerg, de 14. November 1977. Izeg, de 14. Abrëll 2018.~~

Den Text vun den éischte Statute vum 15.2.1971 (ugeholl an der Generalversammlung vum 27.11.1971) steet an der Zäitschrëft „Eis Sprooch“ Nr. 1 (1972) op der Säit 37.

Den Text vun de modifizéierte Statute vum 14.11.1977 steet an der Zäitschrëft „Eis Sprooch“ Nr. 9 (1978) op de Säiten 63-64. Dës modifizéiert Statute goufen um Greffe vum Bezierksgericht zu Lëtzebuerg deposéiert an enregistréiert (vol. 320, fol. 10, case 5). Si goufen am Memorial C – N° 296 de 24.12.1977 publizéiert.